INNSBRUCK



INFORMATIOUNSBROSCHÜR 2026/27

Inhalt

Virwuert vum Honorarkonsul 2
Virwuert vum President 3
Innsbruck - In the Heart of the Alps 4
D'Bréck iwwert den Inn 4
Innsbrooklyn 5
D'Universitéiten zu Innsbruck 6
Leopold-Franzesns-Universität (LFU) 6
Medizinische Universität Innsburck (MUI) 12
Management Center Innsbruck (MCI) 14
azw Innsbruck 16
fh gesundheit Innsburck 16
UMIT 18
Universität Mozarteum Salzburg Standort Innbruck 19
Wat soss nach wichteg ass 20
Logement 20
Ëffentlechen Transport 20
Lëtzebuerg-Innsbruck 21
Parken 21
Umeldung bei der Stad Innsbruck 22
Sport 22
Kultur, Fräizäit & Events 23
Krankeversécherung 24
Apps 24
D'Lëtzebuerger Studenten Innsbruck 25
Siggi 26
De Comité 27
Den Nol op de Kapp 28
Impressum 29

Virwuert vum Honorarkonsul

GROSSHERZOGTUM LUXEMBURG
Konsulat in Innsbruck



Léif lëtzebuergesch Studentinnen a Studenten,

de choix vum Studium an der Stad, wou een sain Studium gären absolvéieren well, gehéiert zu de wichtegsten Entscheedungen. Wat sinn meng Interessen? Wéi eng Studienrichtung passt zu mir? A wou fannen ech en Ëmfeld, dat mech wëssenschaftlech, kulturell a sozial inspiréiert?

D'Héichschoulregioun Innsbruck bitt dofir exzellent Viraussetzungen. Déi véier Héichschoulen – d'Universitéit Innsbruck, d'Medizinesch Universitéit Innsbruck, den MCI an d'UMIT Tirol – bidden eng grouss Villfalt u Studienrichtungen op héijem Niveau. E Beispill ass d'Quantephysik, an där Innsbruck international zu de féierende Fuerschungsstanduerter gehéiert.

Stellt Iech vir: E Quantecomputer léist Problemer, déi mat konventionelle Computer bis elo net ze léise waren, wärend Quantentechnologien eng sécher Iwwerdroung vu sensibelen Donnéeën erméiglechen. Wat haut nach no Science-Fiction kléngt, kënnt ëmmer méi no un d'Realitéit.
Quantentechnologië kéinten d'Medizin, d'Klimafuerschung an d'Industrie grondleeënd veränneren. Gläichzäiteg geet et ëm d'Sécherheet, d'Kompetitivitéit an déi technologesch Souveränitéit vun Europa a vu Lëtzebuerg. D'Europäesch Kommissioun huet sech dofir d'Zil gesat, Europa bis 2030 zu engem weltwäit féierende Standuert fir Quantentechnologië ze maachen.

Wéi enk Wëssenschaft an europäesch Zesummenaarbecht matenee verbonne sinn, weist de Satellitteprojet IRIS². De 16. Dezember 2024 huet d'Europäesch Kommissioun zu Bréissel e Kooperatiounsvertrag mam Space RISE-Konsortium ënnerschriwwen, zu deem och déi lëtzebuergesch Entreprise SES gehéiert. Mam Projet Eagle-1 soll och d'Quanteverschlësselung iwwer Satellitte getest ginn. Lëtzebuerg ass domat e wichtegen Acteur bei der Gestaltung vun der technologescher Zukunft vun Europa.

Léif Studentinnen a Studenten,
Dir sidd d'Fachleit an d'Entscheedungsträger vu muer. Mat Ärem Wëssen an Ären Iddie gestaltet Dir d'Zukunft vun Europa mat – a Lëtzebuerg brauch gutt ausgebilten an engagéierte Biergerinnen a Bierger.

De lëtzebuergesche Konsulat ënnerstëtzt Iech bei Froen am Ëmgang mat den éisträicheschen Autoritéiten. Bei Veranstaltungen bitt et Iech och d'Geleeënheet, Kontakter mat Vertriederinnen a Vertrieder aus Politik, Wëssenschaft, Kultur a Wirtschaft ze knëppen. E besonneschen Anniversaire steet virun der Dier: 2027 feiert de Konsulat säi 50-järegt Bestoen. D'Virbereedunge lafen elo schonn.

Ech wënschen Iech eng spannend Studienzäit, vill beräicherend Begegnungen a vill Erfolleg – souwuel am Studium wéi och perséinlech. Ech hoffen, datt Innsbruck fir Iech net nëmmen eng Stad ass, wou Dir studéiert, mee och eng Plaz, wou Dir Iech weiderentwéckelt an nei Perspektive entdeckt.
Villmools Merci!



Prof. Dr. Armand Hausmann

Consulat du Grand-Duché de Luxembourg pour le Tirol et le Vorarlberg
Wilhelm-Greil-Strasse 5 / 2. Stock
6020-Innsbruck
Sekretariat: +43 (0) 699 818 479 69

Honorarkonsul: +43 (0) 681 205 866 88

innsbruck@consul-hon.lu

Virwuert vum President vum LSI



Léif zukünfteg Studentinnen a Studenten, léif Memberen a Frënn vum LSI,

En neit Kapitel, eng nei Stad a vill nei Erfarungen! Fir vill vun iech steet mat der Zäit nom Lycée eng spannend Veränderung un. Et ass de Moment, fir nei Weeër anzeschloen, seng eegen Entscheedungen ze treffen an erauszefannen, wou een déi nächst Jore verbrénge wëll. A vläicht féiert äre Wee jo matten an d'Häerz vun den Alpen, op Innsbruck!

Wie sech fir Innsbruck entscheet, kritt vill méi wéi nëmmen eng Plaz fir ze studéieren. Matten an enger impressionanter Bierglandschaft läit eng Stad, déi studentescht Liewen, Sport, Natur an eng gemittlech Atmosphär op eng ganz besonnesch Aart a Weis verbënnt. Besonnesch fir Sportbegeeschterter ass Innsbruck e richtegt Paradäis. Hei sinn d'Bierger net nëmmen eng flott Kuliss, mee en Deel vum Alldag. Am Summer waarden eng grouss Auswiel un Wanderweeër, Mountainbike- an Downhillstrecken, Klammméiglechkeeten a Vëlostouren direkt virun der Hausdier. Am Wanter verwandelt sech d'Regioun an eng riseg Spillwiss fir all Ski- a Snowboardfans, mat enger ganzer Rei Skigebidder, déi een a kuerzer Zäit erreeche kann. Egal ob een ambitionéierte Sportler ass oder einfach gär Zäit dobausse verbréngt, zu Innsbruck kënnt jiddereen op seng Käschten. An dat Bescht dorun: Hei kann een nom Cours nach séier op de Bierg, eng Ronn mam Vëlo dréinen oder sech mat Frënn op der Skipist treffen.

Mee och nieft de sportlechen Aktivitéiten huet Innsbruck esou munches ze bidden. Déi vill Caféen, Baren, kulturell Veranstaltungen an natierlech dat liewegt Studenteliewe maachen d'Stad zu enger Plaz, wou ëmmer eppes lass ass, ouni datt de familiäre Charakter verluer geet. Et ass genee dës Mëschung aus Sport, Natur, Studium a Gemeinschaft, déi Innsbruck esou eenzegaarteg mécht an dofir suergt, datt sech vill Lëtzebuerger hei séier wéi doheem fillen.

Mee wat wier eng flott Studentestad ouni déi richteg Leit, mat deenen een all déi Erfarungen deele kann?

Genee hei kënnt den LSI an d'Spill! Als Lëtzebuerger Studenten Innsbruck ass et eis wichteg, datt keen de Start an dëst neit Kapitel eleng maache muss. Mir wëllen eng Gemeinschaft schafen, an där nei Bekanntschafte séier zu Frëndschafte ginn an an där een sech géigesäiteg ënnerstëtzt. Mat eisen Eventer, wéi dem Welcome Owend, Pubquiz, Padel, Skitrips a villen aneren Aktivitéiten, brénge mir d'Lëtzebuerger Studenten a Studentinnen zesummen a suergen dofir, datt nieft dem Studium och de Spaass net ze kuerz kënnt. Dobäi verbannen eis net nëmmen déi gemeinsam Owender, mee och déi vill sportlech Erfarungen, déi een hei zesumme sammele kann.

Dobäi geet eis Roll awer iwwert d'Organisatioun vun Eventer eraus. Mir sinn och eng Ulafstell fir Froen, Problemer oder einfach e puer gutt Tipps ronderëm d'Liewen an d'Studéieren zu Innsbruck. Zesumme mat eisem Honorarkonsul, mat deem mir an engem enke Kontakt stinn, setze mir eis dofir an, datt d'Lëtzebuerger Gemeinschaft och wäit ewech vun doheem gutt vertrueden ass.

Dës Broschür soll iech dobäi hëllefen, iech schonn am Viraus e Bild vun ärem méiglechen neien Doheem ze maachen. Vun Informatiounen iwwert d'Uni bis hin zu prakteschen Tipps fir den Alldag fannt dir hei villes, wat iech de Start zu Innsbruck méi einfach maache soll.

An och wann nom Liesen nach déi eng oder aner Fro opbleift, ass dat kee Problem. Eise Comité steet iech ëmmer gär zur Verfügung. Schreift eis einfach iwwer Instagram, Facebook oder per Mail. Mir freeën eis, iech weiderzehëllefen!

Mir hoffen, datt mir vill vun iech geschwënn hei zu Innsbruck begréisse kënnen, fir zesummen eng onvergiesslech Studentenzäit ze erliewen, nei Frëndschaften ze knäppen, sportlech Aventuren ze deelen a vill flott Erënnerungen ze sammelen.

Pfiat di a bis geschwënn zu Innsbruck!



Frank Sam

Am Numm vun den
Lëtzebuerger Studenten Innsbruck



Innsbruck befënnt sech am Weste vun Eisterräich am Dall vun zwou Gebiergsket- ten. Als Haaptstad vun Tirol gëtt Inns- bruck nërdlech vun der Nordketten, der südlechster Kette vum Karwendel, gekréint an am Süde leien d'Zentralkette vun den Alpen mam Patscherkofel, dem Hausberg, der Stad zu Féiss. Duerch den Dall, dem Inntal, fléisst, wei den Numm et scho seet, de Floss Inn. Vum Schwäizer Majolapass bis zu senger Mëndung an d'Donau zu Passau, leet den Inn 517 km zeréck an ass esou ee vun de gréissten Alpenflëss iwwerhaapt.

Mat ronn 133.000 Awunner, wouvunner em di 37.000 Studente sinn, ass Innsbruck di meescht bewunnte Stad an Tirol an di fënneftgréissten, dat no Wien, Graz, Linz a Salzbuerg, a ganz Eisterräich.



D'Bréck iwwert den Inn

D'Regioun em den Inn, wou sech haut Innsbruck befënnt, ass scho vun der Steenzäit un bewunnt. 15 v. Chr. hunn d'Réimer hei de Kastell Veldidena am heidege Staddeel Wilten erriicht. Duerch seng geografesch Lag, wou d'Stroossen aus der italienescher Brennerregioun (de Brennerpass ass den nidderegste Punkt fir iwwert den Alpenhaaptkamm) mat den Viralpenstrooßen, v.a. och aus Däitschland, zesumme koumen, war Innsbruck scho frei eng wichteg Stad fir Handel an Transitverkéier.
1133 hunn di bayresch Grofe vun Andechs am heidegen Deel St. Nikolaus en Maart opgeriicht. De mëttelalterleche Grondstee fir d'Zukunft fir d'Duerf, dat 1167 fir d'éischt als *Inspruk*, wat esou vill heescht wei d'Bréck iwwert den Inn, erwäänt gouf, war geluecht.



Iwwert d'Joren gouf d'Duerf um Waasser weider ausgebaut a gouf zwëschen 1187 an 1204 zur Stad mat Rechter erhuewen. 1420 gëtt Innsbruck da souguer zur Residenzstad vun den Tiroler Herzogen ernannt an erlieft ënnert dem Kaiser Maximiliam I (1459-1519) säin Héichpunkt.

Ënnert dem Kaiser Maximiliam I, deen net nëmmen als leschte Ritter, mee och als éischten Europäer bezeechent gëtt, entsteet ënnert anerem d'Warzeeche vun Innsbruck: d'Goldene Dachl.



Innsbruck war deemools de Mëttelpunkt vun Europa a war duerch d'Mënzprägerei zu Hall, wou den éischten Taler an d' Gebuertsstonn vum Dollar war, d'Welt mat gepräägt.

U weider Bekanntheet huet Innsbruck vun 1806 bis 1814 duerch Fräiheetskämpf ënnert dem Kommando vum Andreas Hofer, deen 1810 vum Lëtzebuerger Michel Eiffes zu Mantua an Italien higeriicht gouf, géint di bayresch an napoleonesch Truppe gewonnen.



No schwéieren Zäiten am 20. Joerhonnert, v.a. duerch den Zweete Weltkrich, ass Innsbruck zu engem Zentrum vum Wantersport ginn an hei goufen 1964 an 1976 di Olympesch Wanterspiller ausgedroen.

Innsbruck erfreet sech haut un engem groussen kulturellem Räichtum an enger moderner Architektur dank dem Zaha Hadid. An wann och Wien di offiziell Haaptstad ass, sou ass Innsbruck awer definitiv d'Sportshaaptstad vun Éisterräich.



Innsbrooklyn

Innsbruck brauch sech sécherlech net hannert Stied wei Wien oder Salzburg oder aner Metropolen ze verstoppen. Als Studentestad ass Innsbruck jonk, modern a sportlech. Egal op Kultur, Sport oder Nuetsliewen, zu Innsbruck ass ëmmer eng lass. Mee net nëmme bei Studenten, mee och bei den Touristen ass Innsbruck enorm beléift, wat een un de Masse vun Touristen gesäit. Zousätzlech ass Innsbruck e Knuetpunkt zu all Schigebitt. Néierens soss kann een innerhalb vun 20 Minutten an esou vill verschidde Schigebitter si wei hei zu Innsbruck.

[https://www.innsbruck.at]





Leopold-Franzens-Universität (LFU)

Wat ass d'LFU?

Säit 1669 besëtzt Innsbruck mat der Leopold-Franzens-Universität eng eegen Universitéit. Niewent Tirol war d'Uni Innsbruck och d'Universitéit vu Südtirol, Trentino, Liechtenstein a Lëtzebuerg.
D'Leopold-Franzens-Universität ass di gréissten Universitéit a West-Eisterräich an huet eng ronn 28.000 Léit, déi hei studéieren. Si besteet aus 16 Fakultéiten an 80 Instituter. Des Fakultéiten si queesch duerch ganz Innsbruck verdeelt, wat den Innsbrucker Charakter vun der Studentestad ënnersträicht.

Wat kann een alles hei studéieren?

Praktesch kann een hei bal alles studéieren. All d'Studiëgäng déi d'LFU ubitt, sinn an der Tabell op der nächster Säit zesummegefaasst. D'Tabell ass nëmmen indikativ an entsprécht der Regelstudienzäit. Dës kann awer variéieren.

Wei gëtt een op der LFU ugeholl?

Fir di meeschte Studiëgäng gëtt et keng besonnesch Viraussetzungen, eng Première geet fir e Bachelorstudium duer. Fir e Masterstudium ass natierlech e Bachelor Viraussetzung.

D'Bewerbung gëtt online op der Internetsäit vun der LFU beim jeeweilege Studium gemaach. D'Umellungsfrist fir d'Wantersemes- ter ass meeschtens bis Ufank September a fir d'Summersemester bis Ufank Februar. Falls een sollt en Noexamen hun, gëllt hei nach eng Nofrist bis Enn November, bzw. Enn Abrëll. Fir verschidde Studiëgäng gëtt et och en speziellt Opnameverfahren. Dëst besteet amfong aus enger Opnameprüfung, dei'ste zu Innsbruck muss schreiwen. D'betraffe Studiëgäng souwéi och de genauen Oflaf ännert sech vu Joer zu Joer. Dofir ass et eng ganz gutt Méiglechkeet, sech einfach direkt um Internet iwwert di aktuell Situatioun ze informéieren.

[https://www.uibk.ac.at/studium/anmeldung-zulassung/]

Fir verschidde Studiëgäng muss een eng Zousazprüfung, dei een awer nach wärend dem Studium maache kann, maachen. Di Zousazprüfung muss een awer nëmme maachen, wann een dat Fach oder sou eppes Ähnleches nach net am Lycée hat. Wann een et schonn hat, da muss een et sech nëmmen unerkenne loossen.

Wei héich sinn d'Studiëgebühren?

Mir si vun de Studiëgebühre befreit. Dat Eenzegt, wat ee bezuele muss, ass säin ÖH-Beitrag (Österreichische Hochschülerschaft). Dësen ännert sech vu Semester zu Semester a beleeft sech op ongeféier 26,20 €.

Studium	Semester	Zousazprüfung
Fakultéit □r Architektur		
Bachelor Architektur	6	Darstellende Geometrie
Master Architektur	4	-
Doktorat Architektur	6	-
Fakultéit □r Betribswëssenschaften		
Bachelor Wirtschaftswissenschaften	6	-
Diplom Internationale Wirtschaftswissenschaften	8	-
Master Marketing und Branding	4	-
Master Accounting, Auditing an Taxation	4	-
Master Banking and Finance	4	-
Master Wirtschaftsinformatik	4	-
Master Organization Studies	4	-
Master Strategisches Management	4	-
Master Wirtschaftspädagogik	5	-
Doktorat/PhD	6	-
Fakultéit □r Bildungswëssenschaften		
Bachelor Erziehungswissenschaften	6	-
Master Erziehungs- und Bildungswissenschaften	4	-
Doktorat/PhD Erziehungs- und Bildungswissenschaften	6	-
Fakultéit □r Biologie		
Bachelor Biologie	4	Biologie und Umweltkunde
Master Environmental Management of Mountain Areas	4	-
Master Botanik	4	-
Master Mikrobiologie	4	-
Master Molekulare Zell- und Entwicklungsbiologie	4	-
Master Ökologie und Biodiversität	4	-
Master Zoologie	4	-
Doktorat/PhD Biologie	6	-
Fakultéit □r Chimie a Pharmazie		
Bachelor Chemie	6	-
Bachelor Pharmazie	6	Biologie und Umweltkunde
Master Chemie	4	-
Master Material- und Nanowissenschaften	4	-
Master Pharmazie	4	-
Master Pharmaceutical Sciences - Drug Development and Regulatory Affairs	4	-
Doktorat Chemie	6	-
Doktorat/PhD Pharmazeutische Wissenschaften	6	-

Fakultéit Pr Geo- an Atmosphärewëssenschaft		
Bachelor Atmosphärenwissenschaft	6	-
Bachelor Erdwissenschaften	6	Biologie und Umweltkunde
Bachelor Geographie	6	-
Master Atmosphärenwissenschaft	4	-
Master Erdwissenschaft	4	-
Master Geograbe: Globaler Wandel - regionale Nachhaltigkeit	4	-
Master Umweltmeterologie	4	-
Doktorat/PhD Atmosphärenissenschaft	6	-
Doktorat/PhD Erdwissenschaft	6	-
Doktorat/PhD Geograbe	6	-
Fakultéit Pr Educatioun		
Bachelor Islamische Religionspädagogik	6	-
Master Islamische Religionspädagogik	4	-
Doktorat/PhD Education	6	-
Fakultéit Pr Mathematik, Informatik a Physik		
Bachelor Technische Mathematik	6	-
Bachelor Informatik	6	-
Bachelor Physik	6	-
Master Technische Mathematik	4	-
Master Informatik	4	-
Master Physik	4	-
Master Software Engineering	4	-
Doktorat/PhD Mathematik	6	-
Doktorat/PhD Informatik	6	-
Doktorat/PhD Physik	6	-
Fakultéit Pr Psychologie a Sportswëssenschaften		
Bachelor Psychologie	6	Opnameverfahren
Bachelor Sportmanagement	6	kierperlech Eegnung
Bachelor Sportwissenschaft	6	kierperlech Eegnung
Master Psychologie	4	Opnameverfahren
Master Sportwissenschaft	4	-
Doktorat/PhD Psychologie	6	-
Doktorat/PhD Sportwissenschaft	6	-

Fakultéit Pr sozial a politesch Wëssenschaften		
Bachelor Soziologie	6	-
Bachelor Politikwissenschaften	6	-
Master Soziologie: Soziale und politische Theorie	4	-
Master Gender, Culture and Social change	4	-
Master Politikwissenschaften: Europäische und internationale	4	-
Master Media, Society and Communication	4	-
Doktorat/PhD Soziologie	6	-
Doktorat/PhD Politikwissenschaften	6	-
Fakultéit Pr Technesch Wëssenschaften		
Bachelor Bau- und Umweltingenieurswissenschaften	6	Darstellende Geometrie
Bachelor Elektrotechnik	6	-
Bachelor Mechatronik	6	Darstellende Geometrie
Master Bauingenieurwissenschaften	4	-
Master Mechatronik	4	-
Master Umweltingenieurwissenschaften	4	-
Master Elektrotechnik	4	-
Doktorat Technische Wissenschaften	6	-
Fakultéit Pr Vollekswirtschaft a Statistik		
Bachelor Wirtschaft, Gesundheit- und Sporttourismus	6	-
Bachelor Wirtschaftswissenschaften - Management and Economics	6	-
Bachelor Internationale Wirtschaftswissenschaften	6	-
Master Angewandte Ökonomik - Applied Economics	4	-
Master Experimental and Empirical Economics	4	-
Master Nachhaltige Regional- und Destinationsentwicklung	4	-
Doktorat/PhD	6	-
Kathoulesch-Theologesch Fakultéit		
Diplom Katholische Fachtheologie	10	Latein & Griechisch
Bachelor Katholische Religionspädagogik	6	-
Bachelor Philosophie	6	Latein
Master Katholische Religionspädagogik	4	-
Master Philosophie	4	-
Doktorat	6	-
Doktorat/PhD	6	-

Philologesch-Kulturwëssenschaftlech Fakultéit		
Bachelor Anglistik und Amerikanistik	6	Latein
Bachelor Französisch	6	Latein
Bachelor Germanistik	6	Latein
Bachelor Italienisch	6	Latein
Bachelor Slawistik	6	Latein
Bachelor Spanisch	6	Latein
Bachelor Sprachwissenschaft	6	Latein
Bachelor Translationswissenschaft	6	-
Bachelor Vergleichende Literaturwissenschaft	6	Latein
Master Anglistik und Amerikanistik	4	-
Master Französisch	4	-
Master Klassische Philologie - Latein	4	-
Master Medien	4	-
Master Romanistik	4	-
Master Slawistik	4	-
Master Sprachliche und literarische Varietäten in der frankophonen Welt	4	-
Master Sprachwissenschaft	4	-
Master Translationswissenschaft	4	-
Master Vergleichende Literaturwissenschaft	4	-
Doktorat Literatur- und Kulturwissenschaft	6	-
Doktorat Sprach- und Medienwissenschaft	6	-
Philosophesch-Historesch Fakultéit		
Bachelor Archäologien	6	Latein
Bachelor Classica et Orientalia	6	Latein
Bachelor Europäische Ethnologie	6	-
Bachelor Geschichte	6	Latein
Bachelor Kunstgeschichte	6	Latein
Bachelor Musikwissenschaft	6	Latein
Bachelor Philosophie	6	Latein
Master Alte Geschichte und Altorientalistik	4	-
Master Antike Welten	4	-
Master Archäologien	4	-
Master Europäische Ethnologie	4	-
Master Peace and Conflict Studies	4	-
Master Geschichte	4	-
Master Kunstgeschichte	4	-
Master Musikwissenschaft	4	-
Master Philosophie	4	-
Doktorat Philosophie	6	-
Rechtswëssenschaftlech Fakultéit		
Bachelor Wirtschaftsrecht	6	-
Master Wirtschaftsrecht	4	-

ACEL- De Studentevertrieder

Mir sinn fir dech do!
Virun, wärend an no dengem Studium!

INFORMATIOUN

Mam **GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT** hues du all d'Infoe fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann **DE STUDENTEGUIDE** zur Säit. De **GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ** hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliichteren. Dës dräi Broschüren fënns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.
Beim **STUDENT FIR 1 DAG** weise mir dir deng zukünfteg Studentestad.





REGRUPPEMENT

Mir organiséieren **DE STUDENTEBAL**, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den **TOURNOI DE NOËL**. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelméissegen Kontakt mat de Ministèren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



www.acel.lu
contact@acel.lu

OCH DISPONIBEL OP

/acelluxembourg



Medizinische Universität Innsbruck (MUI)

Wat ass d'MUI?

D'Medizinische Universität Innsbruck gouf 2004 als eegestänneg Universitéit gegrënnt an ass aus der Leopold-Franzens-Universität ervirgaangen. Sie ass eng vun deene gréissten Ausbildungsplaze fir d'Medeziner an d'medezinesch Fuerscher an Eisterräich. Schonn ab dem Ufank vum Studium, gëtt op eng Praxis-no a Patientenorientéiert Ausbildung Wäert geluecht.

Wat kann een alles hei studéieren?

Studiëgäng vun der MUI sinn an der Tabell ënnen op der Säit zesummegefaasst. D'Tabell ass nëmmen indikativ an entsprécht der Reegelstudienzäit. Dës kann awer variéieren.

Wéi gëtt een op der MUI ugeholl?

E Numerus Clausus gëtt héi net gefrot. Mee et muss een en Opnameexame maachen, egal op Molekular-, Human- oder Zahnmedizin.
Dësen Test fënnt ëmmer Ufank Juli statt. Den Test ënnerscheed sech jeenodem wat een wëll studéieren. Fir seng Chancen ze erhéije fir ugeholl ze ginn, sollt een sech scho bëssen op den Test virbereeden. Zu den eenzelen Opnameverfahren, fënnt en op der nächster Säit nach méi genau Informatiounen.

Studium	Semester	Opnameverfahren	Plazen
Diplom Humanmedizin	12	MedAT-H	360
Diplom Zahnmedizin	12	MedAT-Z	40
Bachelor Molekulare Medizin	6	QMM-BSc + Interview	30
Master Molekulare Medizin	4	QMM-MSc	30

MedAT - Opnametest fir Medizin an Eisterräich

De MedAT ass den Opnamexamen deen entscheet op een eng Studiëplaz kritt oder net. Den Test muss een an der gewënschte Studiëstad schreiwen an dauert dee ganzen Dag, mat enger Stonn Mëttespaus. E besteet aus 4 Deeler, di ënnen méi genau erklärt ginn. D'Zuelen a Prozent an der Tabell bezeechne wei vill deen Testdeel zum Resultat herno beidréit.
De MedAT ass a ganz Eisterräich dee selwechten an ass och iwwerall dee selwechten Dag. Dat heescht, dass een sech nëmmen an eng- er eisterräichecher Stad umelle kann, an et muss en och nodeems een ugeholl ginn ass, an där Stad studéiere wou een den Test ge- schriwwen huet. Et kann een also net den Test zu Innsbruck schreiwen, dee packen an dann awer op Wien Medezin studéiere goen.

Virbereedung

Den Test selwer entwéckelt sech vu Joer zu Joer weider, sou rode mer der un d'Detailer d'Summersemester bis Ufank Februar. Falls een sollt en Noexamen hun, gëllt hei nach eng Nofrist bis Enn November, bzw. Enn Abrëll. Fir verschidde Studiëgäng gëtt et och en speziellt Opnameverfahren. Dëst besteet amfong aus enger Opnameprüfung, dei'ste zu Innsbruck muss schreiwen. D'betraffe Studiëgäng souwéi och de genauen Oflaf ännert sech vu Joer zu Joer. Dofir ass et eng ganz gutt Méiglechkeet, sech einfach direkt um Internet iwwert di aktuell Situatioun ze informéieren.

[https://www.uibk.ac.at/studium/anmeldung-zulassung/]

Fir verschidde Studiëgäng muss een eng Zousazprüfung, dei een awer nach wärend dem Studium maache kann, maachen. Di Zousazprüfung muss een awer nëmme maachen, wann een dat Fach oder sou eppes Ähnleches nach net am Lycée hat. Wann een et schonn hat, da muss een et sech nëmmen unerkenne loossen.

Wei héich sinn d'Studiëgebühren?

Mir si vun de Studiëgebühre befreit. Dat Eenzegt, wat ee bezuele muss, ass säin ÖH-Beitrag (Österreichische Hochschülerschaft). Dësen ännert sech vu Semester zu Semester a beleeft sech op ongeféier 25,20€.



Management Center Innsbruck (MCI)

© Bernhard Hörtnagl

Wat ass den MCI?

De Management Center Innsbruck ass eng Privatuni am Zentrum vun Innsbruck, op där een op däitsch an op englesch studéiere kann.

Wat kann een alles hei studéieren?

Studiëgäng vum MCI sinn an der Tabell ën- nen op der Säit zesummegefaasst. D'Tabell ass nëmmen indikativ an entsprécht der Reegelstudienzäit. Dës kann awer variéieren.
Well et sech ëm eng Privatuni handelt, kënnen, nieft dem ÖH-Beitrag, zousätzlech Studiegebühren ufalen.

Wéi gëtt en um MCI ugeholl?

Als Alleréicht muss een sech online bewerben, mat engem Motivatiounsschreiwes an engem Liewenslaf. Wann dat geklappt huet, gëtt een ageluede fir un der schréftlecher Opnameprüfung deelzehuelen. Schlussendlech muss een dann och nach fir en perséinlecht Gespréich op Innsbruck kommen.

Studium	Semester	Sprooch
Bachelor Betriebswirtschaft (Online)	6	DE/EN
Bachelor Management & Recht	6	DE
Bachelor Management, Communication & IT	6	DE
Bachelor Nonprofit-, Sozial- & Gesundheitsmanagement	6	DE
Bachelor Soziale Arbeit	6	DE
Bachlor Tourismus & Freizeitwirtschaft	6	DE
Bachelor Wirtschaft & Management for Professionals	6	DE
Bachelor Business & Management	6	EN

Master Entrepreneurship & Tourismus	4	DE/EN
Master Soziale Arbeit, Sozialpolitik & -management	4	DE
Master Corporate Governance & Finance	4	EN
Master European Health Economics & Management	4	EN
Master International Business & Management	4	EN
Master International Business & Law	4	EN
Master Health & Social Management	4	EN
Master Management, Communication & IT	4	EN
Technologie & Life Sciences		
Bachelor Bio- & Lebensmitteltechnologie	6	DE
Bachelor Digital Business & Software Engineering	6	DE
Bachelor Mechatronik	6	DE
Bachelor Umwelt-, Verfahrens- & Energietechnik	6	DE
Bachelor Wirtschaftsingenieurswesen	6	DE
Master Biotechnologie	4	DE
Master Lebensmitteltechnologie & Ernährung	4	DE
Master Mechatronik & Smart Technologies	4	DE/EN
Master Umwelt-, Verfahrens- & Energietechnik	4	DE/EN
Master Wirtschaftsingenieurswesen	4	DE
Master Medical Technologies	4	DE

Quelle: https://www.prefa.at/news/all/azw-innsbruck-prefa-meistert-operation-am-offenen-herzen-1/



Ausbildungszentrum West (AZW)

azw Innsbruck

Den AZW ass en Ausbildungszentrum zu Innsbruck fir Gesondheetsberuffer. Hei kann een eng Unzuel un divers Gesondheetsberuffer, wéi d'Pfleegeausbildung oder medezinesch Assistenzberuffer léieren.

Déi genau Oplëschtung vun de méigleche Studiëgäng a weider Informatioune fannt dir op hirer Internetsäit.
[www.azw.ac.at]

fh gesundheit Innsbruck

D'fh gesundheit ass eng Fachhéichschoul zu Innsbruck, wou een eng Partie Gesondheetsberuffer studéiere kann. Et handelt sech em eng Privatschoul, dofir sinn d'gebüre pro Semester och méi héich wéi soss.

Wat een alles hei maache kann, ass an der Tabell zesummegefaasst. Villes kann een och beruffsbegleedend studéieren.
[www.fhg-tirol.ac.at]

Studium	Semester	Studiëplazen
Bachelor Augenoptik	6	24
Bachelor Biomedizinische Analytik	6	26
Bachelor Diätologie	6	16
Bachelor Ergotherapie	6	24
Bachelor Gesundheits- und Krankenpflege	6	102
Bachelor Hebamme	6	25
Bachelor Logopädie	6	24
Bachelor Physiotherapie	6	26
Bachelor Radiologietechnologie	6	24
Master Advanced Practice Midwifery	5	18
Master Biomedical Sciences	5	22
Master Ergotherapie und Handlungswissenschaft	6	20
Master Ernährungskommunikation	5	mind. 14
Master Handlungswissenschaft	6	20
Master Klinische Diätologie	5	mind. 14
Master of Business Administration im Gesund-	4	26
heitswesen		
Master Osteopathie	5	16
Master Pädagogik in Gesundheitsberufen	4	25
Master Qualität- und Prozessmanagement im	4	25
Gesundheitswesen		
Master Radiological Technologies	5	18
Master Suchtarbeit	5	mind. 10
Master Suizidologie	5	mind. 10



University for Health Sciences, Medical Informatics and Technology (UMIT)

© UMIT/fotokern

UMIT

D'UMIT - Private Universität für Medizinische Informatik und Technik ass eng Privatuniversitéit op där een ouni Numerus Clausus studéieren kann.

Et ass eng Uni fir Gesondheetswësseschaften, medizinesch Informatik an Technik. Am Moment zielt d'Uni ronn 1.800 Studenten. Den gréissten Deel vun hieren Studiëgäng sinn zu Hall in Tirol, wat eng 15 Minutten mam Auto vun Innsbruck fort ass. Et ass eng relativ kleng Stad, mee dofir awer eng vun deene schéinsten aus ganz Tirol.

Di genau Oplëschtung vun de méigleche Studiëgäng a weider Informatioune fënnt en op hirer Internetsäit.
https://www.umit-tirol.at/



Universität Mozarteum Salzburg
Standort Innsbruck

Mozarteum

D'Universität Mozarteum ass primär zu Salzburg lokaliséiert. Säit 1981 huet se awer och e Standuert zu Innsbruck, op deem een eng Partie Museksberuffer léiere kann, ënnert anerem kann een do Musekserzéiung der Instrumental- a Gesangspädagogik studéieren.

Di genau Oplëschtung vun de méigleche Studiëgäng a wéider Informatioune fënnt en op hirer Internetsäit.
https://moz.ac.at/department.php?o=14012



Wat soss nach wichteg ass

Logement

Wann Innsbruck och elo keng riseg Stad ass, sou huet se awer eng ganz Rëtsch u Wunnméiglechkeeten. Sou kann een eng beispillsweis bei der ÖH-Wohnungsbörse sichen. Do kann een eenzel Wunnengen an och WG'en fannen.

https://www.oehboersen.at

Et huet een och d'Méiglechkeet an d'Studentewunnheem, wei z.B. d'in's, en Zëmmer oder eng WG ze fannen.

https://studentenhaus.info/



Oder och a Facebook-Gruppe wéi „Wohnungsbörse Innsbruck" an „Innsbrucker Wohnungsmarkt im Facebook" kann een och kucke goe fir déi perfekte Wunneng oder WG ze fannen.

An natierlech kann een och direkt bei Immobilière zu Innsbruck kucken. Déi si oft ganz frou fir Lëtzebuerger Mieter ze kréien. An och op eiser eegener Facebook-Säit „LSI Lëtzebuerger Studenten zu Innsburck asbl", gesäit een och heiansdo eng fräi Wunneng.

Ëffentlechen Transport

Mat de Bus- an Tramlinne vun der Stad Innsbruck (IVB) kennt een iwwerall hin. Si si bal ëmmer pünktlech. Du hues d'Méiglechkeet de Semesterticket ze kafen (166,70€, kann awer variéieren), mat deem een fir e ganzt Semes- ter onbegrenzt an der Kernzone vun Innsbruck fuere kann.



Et ginn awer och aner Tickete wei zum Beispill fir eng Faart, Woch oder Mount.

https://www.ivb.at/fahrgast/tickets/uebersicht-tickets/

Et muss een zu Innsbruck awer och kee Bus oder Tram huelen, mee et kann een och alles mam Vëlo maachen. Innsbruck leit an engem Dall un engem Floss an ass soumat relativ flaach. Iwwer di zuelräich Vëlosweeër, di ganz Innsbruck an doriwwer eraus vernetzen, kann een och séier vun A op B kommen. Falls een nach keen eegene Vëlo huet oder säin emol futti ass, kann een och en ëffentlechen Stadvëlo benotzen.

https://stadtrad.ivb.at



Lëtzebuerg - Innsbruck

Fir vu Lëtzebuerg op Innsbruck ze kommen, an ëmgedréint, huet een e puer Méiglechkeeten.

Déi Variant wou sécherlech am einfachsten ass, ass den Auto. Héi ginn et zwou Strecken, nämlech duerch Däitschland oder duerch Frankräich an d'Schwäiz. Jee no Streck brauch een tëschent 6 an 8 Stonnen. E Virdeel vum Auto zu Innsbruck ass natierlech, dass een deen huet fir Schi fueren ze goen. Sollt een selwer mat sengem Auto kommen, brauch een eng Vignette fir Eisterräich, a jee no Streck och fir d'Schwäiz. Wann een net selwer mam Auto wëll kommen, kann een och nach mat engem aneren matfueren. Am Beschten informéiert een sech do an der Facebook-Grupp „Mitfahrbörse IBK-Lux/Lux-IBK". Héi posten Persounen reegelméisseg, wann si an déi eng oder aner Richtung fueren. Ett kann een och selwer dra posten a froe wéini ee géif fueren. Dat kascht dech dann an der Reegel een Deel vum Tank.

Et kann een och mam Zuch op Innsbruck oder erëm heem fueren. Et gëtt awer keen direkten Zuch tëschent Lëtzebuerg an Innsbruck. Et ginn eng ganz Partie u méigleche Verbindunge wou ee muss ëmklammen an et gëtt mëttlerweil och e Nuetszuch deen tëscht München a Lëtzebuerg fiert.

https://www.oebb.at/

https://www.bahn.de/

Et kann een awer och mam Fliger den Aller-Retour maachen. Leider gëtt et zwar keen Direktfluch vun Innsbruck op Lëtzebuerg, mee et gëtt een Direktfluch vu Lëtzebuerg ob München, vir vu München ob Innsbruck ze kommen oder emgedréint. Et kann een da vun do aus ganz bequeem den Zuch oder Flixbus huelen.



Parken

Sollt een sech entscheede mam Auto op Innsbruck ze kommen, oder Kollegen a Famill emol op Besuch sinn, da kann et interessant sinn ze wësse wou een säin Auto ka parken a wat dat eventuell kascht.

Et kann een eng Parkplaz iergendwou, z.B. an enger Déifgarage, lounen.
Bei verschidde Wunnengen ass eng Parkingsméiglechkeet dobäi. Meeschtens kascht dat ëm di 100-150€ pro Mount. Gratis parken ass leider zu Innsbruck bal net méi bis iwwerhaapt net méi méiglech.
Bei der Olympiaworld gëtt et och en Parking (P+R) wou ee fir 14€ den Dag den Auto ka stoe loossen.

https://www.ivb.at/fahrgast/mobilitaet/park-ride/

Zu Innsbruck gëtt et och eng ganz Rei vun Déifgaragen an deenen een zu verschiddene Präisser stoe kann.

https://www.innsbruck.info/destination/d/parken.html

Op de Stroossesäiten, op deene blo markéierte Plazen, kann een och parken. Do muss een dann d'Schëlter berécksiichtegen an op der Parkauer kucke wéi vill et kascht a wéi laang een dierf stoe bleiwen. Meeschtens muss ee vun Owes bis Moies a Sonndes net bezuelen.



Umellung bei der Stad Innsbruck

Wann een zu Innsbruck eng Wunneng fonnt huet, sollt een bei der Stad Innsbruck beim Biergeramt säi Wunnsëtz umellen. Sollt een dat net maachen an et kënnt eraus, muss een eng Strof bis zu 2180€ bezuelen.

https://www.innsbruck.gv.at/page.cfm?vpath=wohnen/wohnen/wohnsitzmeldungen

Et kann een och, no Lëtzebuerg, een zweeten Haaptwunnsëtz an Europa umellen. Wann een dat zu Innsbruck mëscht, erméiglecht engem dat no 3 Joer Haaptwunnsëtz d'Mietzinsbeihilfe unzefroen.

https://www.innsbruck.gv.at/leben/wohnen/mietzinsbeihilfe



Sport

Als di Éisträichesch Haaptstad vum Sport ass Innsbruck déi Sportsstad schlechthin. Am Wanter stinn natierlech Schi a Snowboard am Mëttelpunkt. Innsbruck ass ëmgi vu ville Schigebidder an et ass méiglech innerhalb vun 20 Minutten op der Pist ze stoen. Hei gehéiert et zum Alldag mat de Schi duerch d'Stad ze lafen.

https://www.innsbruck.info/skifahren/skigebiete.html



Am Summer huet een natierlech nach vill méi Méiglechkeeten. Vu Vëlo, Schwamme bis zum Klamme fënnt een hei alles, wat säi Sportlerhäerz sech wënscht.

https://www.innsbruck.info/sport/sommer.html

Wann een sportlech ass a gäre Schi fiert, dann ass d'Freizeitticket Tirol definitiv ze empfeelen. Dësen ass d'ganz Joer gülteg a gëllt an de Schigebidder ëm Innsbruck als Schipass, als Entrée a verschidde Muséeën a nach vill méi.

https://www.freizeitticket.at



Et huet een awer och d'Méiglechkeet sech op der USI (Universitäts-Sportinstitut Innsbruck) fir wéineg Geld an engem Sportskuer unzemellen. Et gi ganz vill verschidde Sportaarten ugebueden, souwuel Indoor wéi och Outdoor. Wichteg ass et, dass een sech rechtzäiteg umellt, wëll d'Plaze limitéiert a schnell fort sinn. Also soubal den Datum (meeschtens Méindes virum Semesterstart) bekannt ass, direkt online umellen!

https://usi.uibk.ac.at/usi/page



Kultur, Fräizäit & Events

Schi fueren am Wanter, wanderen am Summer... mee och d'Kultur dierf net feelen! Zu Innsbruck huet een vill Méiglechkeeten seng Fräizäit ze gestalten.

Kulturell gëtt et sengem Kapp zu Innsbruck ni langweileg. Hei huet een d'Goldenes Dachl, d'Hofbuerg, déi léiw kleng Alstad, den Alpenzoo an de Swarowski Kristallwelten. A wann et sollt reenen, da stinn engem ebenfalls eng ganz Partie u Muséeën zur Auswiel. Hei virun allem den Tiroler Landesmuseum, wouss een e Kombiticket kafe kann, mat deem een dann an den Tiroler Volksmuseum, d'Hofkirche, de Ferdinandeum (Modern Konscht), Zeughaus (Zäit- an Naturgeschicht) an den Tirol Panorama (risegt Rundgemälde op der Bergisel kënnt.

https://www.innsbruck.info/sehenswuerdigkeiten.html
https://www.tiroler-landesmuseen.at/
https://www.kristallwelten.swarovski.com/en



Och de Bierg ass optimal e puer fräi Stonnen ze verbréngen an d'Sonn ze genéissen. Dat kann een zu Innsbruck selwer entweder op der Nordkette oder um Patscherkofel maachen.

https://www.nordkette.com/de/home.html
https://patscherkofelbahn.at/#winter



Zu Innsbruck kann een awer och an den Theater goen. Am Tiroler Landestheater huet een als Student d'Méiglechkeet e Six Pack Abo ze huelen. Hei huet een 6 Virstellungen an 1 Symphonieconcert. Den Abo-Präis läit em di 60€.

https://www.landestheater.at/



An der Olympiahalle fannen dann och reegelméisseg Concerten a Showe statt. Wat momentan oder an Zukunft zu Innsbruck stattfënnt, kuckste am Beschten um Internet.

http://www.oeticket.com



Krankeversécherung

Wann een eemol krank ass an een wëll bei den Dokter goen, huet een d'Wiel tëschent Privatarzt/Wahlarzt a Kassenarzt. Wann een zu Lëtzebuerg scho verséchert ass (wei all Mënsch zu Lëtzebuerg, z.B. bei der CNS), da kann een sech gratis bei der „Österreichischen Gesundheitskasse" (ÖGK) mat senger Krankekeesskaart (Securité Sociale) a senger Studiëbestätegung registréiere loossen. Dat erméiglecht engem, bei all Kassenarzt ze goen, dee mat der TGKK en Vertrag huet, a sech behandelen ze loossen; TGKK iwwerhëllt d'Käschte vun der Visitt (amfong wei zu Lëtzebuerg).
Wann een awer léiwer bei en Privatarzt geet, da muss een d'Rechnung selwer bezuelen (ass meeschtens méi deier). Dono kann een dann déi Rechnung un d'Krankekeess op Lëtzebuerg schecken, da kritt een den Deel, deen eennormalerweis zu Lëtzebuerg erëm géif kréien, erëm.

Falls du an d'Klinik muss fir eng Urgence, muss de dech normal umelle mat denger Krankekeesskaart an et fale keng Käschte fir dech un. Dat kläert d'Klinik mat der Lëtzebuergescher Krankekeess.

https://www.tgkk.at/

Apps

IVB Scout: Deng App fir den ëffentlechen Transport. Mat dëser fënnt een de richtege Bus oder Tram a ka kucke wéini a wou een kënnt.

Uni Innsbruck: Dës App ass fir däi Studium op der LFU. Hei kann een sech mat sengem Uni-Account aloggen an et huet een souwuel seng Kueren, seng Mailen, seng Resultater, de Mensa-Menu a weider wichteg Informatiounen ë dobäi.





Lëtzebuerger Studenten Innsbruck (LSI)

LSI

Mir als Vetrieder vun de Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck sinn Responsabel den Studenten an hirem Alldag ze hëllefen an si ze ënnerstëtzen. Als Plattform fir mat eise Studenten ze kommunizéieren benotze mir d'Säit vun de Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck an de Siggi op Facebook an op Instagram.
Des Weideren hu mir och eng Whatsapp-Grupp wou all eis Informatiounen an Events gepost ginn. Weider steet eis Website [https://www.lsinnsbruck.at/] fir weider Informatiounen zur Verfügung. Eng weider wichteg Säit ass d'Mitfahrbörse IBK-Lux / Lux-IBK wou een säin Transport fir op Lëtzebuerg oder op Innsbruck organiséiere kann.

Dat ganzt Joer iwwer bidde mir verschidden Eventer un, wou all Mënsch mat enger Memberskaart vun eis, deelhuele kann. Dëst sinn ënnert anerem Padel, Daf, Pub Quiz, Schi-Trips oder eisen Welcome Owend. Donieft organiséieren mir och traditionell ee Bal mat dem Wiener Cercle (LSW) zesummen am Abrëll zu Lëtzebuerg. Als Intercercle hu mir déi lescht Jore mat dem LSW zesummen een Dag um Stau organiséiert. Dëse fënnt ëmmer Enn August wärend der Fouerzäit statt a mir freeën eis schonn ob déi nächst Editioun.

Säit e puer Joer organiséiere mir och mam Münchener a Wiener Cercle eisen Intercercle den Base Cup. Dësen fënnt all Joers an enger vun deene Stied statt. Et ass een Event iwwert ee Weekend wou an dräi verschidde Sportarten (Pétanque, Spikeball, Völkerball) geinteneen gespillt gëtt. Hei steet wei ëmmer de Spaass am Vierdergrond.

Mir kucke natierlech de Kontakt mat anere Cerclen ze halen, op hier Intercerclen ze goen an och eis eegen ze organiséieren. Mir stinn an engem enke Kontakt mat der ACEL an bedeelegen eis dofir och un der Organisatioun vum Studentebal an huelen och ëmmer um Tournoi de Noël um Geesseknäppchen Deel.

Siggi



Servus!

Ech sinn de Siggi!

Ech sinn net nëmmen iergendeen Muermeldéier aus den Alpen. Ech sinn dat éischt lëtzebuerger Muermeldéier wat sech selwer als Influencer bezeechnen dierf! Ech bedreiwen nämlech héich professionell en eegene Facebook- an Instagram-Account sou wie eng Whatsapp-Grupp. Op de Soziale Medie kann een also meng lëtzebuerger Studenten op Events verfollegen. Duerno kritt een natierlech och jeeweils eng wëssenschaftlech, sou wéi ech dat brav op der Uni geléiert hunn, Publikatioun, wat sou alles geschitt ass. Donieft halen ech meng Community och ëmmer iwwert Neiegkeeten a kommend Manifestatioune vum LSI um Lafenden.

Wann een also zu Innsbruck ass, kann ee laanscht kucke kommen! Et kritt ee souzesoen e gratis Meet&Greet an natierlech dierf ee mir och een ausginn. Net sou wéi meng Studenten drénken ech och heiansdo een iwwert den Duuscht a si frou wa mech een mat Heem hëlt. Als studéierend Muermeldéier dierf een sech och net ëmmer ze seriö huelen.

An natierlech kann ech och net permanent um Bierg sinn. Dofir hëllefen ech menge fläissege Studenten. Sollt also een eng Fro oder och e puer méi Froen hunn, zéck net mir ze schreiwen an ech stinn dir zur Verfügung.

Och wann ee keng Froen huet, dierf ee mir gären trotzdeem followen a mech adden.

Pfiat di a bis geschwënn!

siggi_lsi

Siggi Lsi

www.lsinnsbruck.at

Siggi@lsinnsbruck.at

Comité

De Comité vum LSI aus dem Joer 2026/27 freet sech schon op iech an wënscht iech bonne Chance, dass dir ët sou schnell wéi méiglech bei eis packt! Mir sinn dat ganzt Joer fir iech do an organiséiere verschidden Eventer wéi beispillsweis Pubquizen, Fräibéieren a soss aner flott Aktivitéiten. Mir brénge lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck méi no bei iech, sou kënnt dir och schnell an einfach nei Frëndschafte schléissen. Falls ee weider Froen zu bestëmmte Studiegäng oder zum Liewen zu Innsbruck huet kann ee sech och ganz gäre bei engem vun eis mellen, mir hëllefen och gäre weider!

Bis geschwënn zu Innsbruck!



De Nol op de Kapp

Leopold-Franzens Universität
Innrain 52, 6020 Innsbruck
Homepage: www.uibk.ac.at
Tel. 0043 512 507-0

Medizinische Universität Innsbruck
Innrain 52, 6020 Innsbruck
Homepage: www.i-med.ac.at
Tel. 0043 512 9003-0
Email: medizin-studienangelegenheiten@i-med.ac.at

MCI - Management Center Innsbruck
Universitätsstraße 15, 6020 Innsbruck
Homepage: www.mci.edu
Tel. 0043 512 2070-0
Email: office@mci.edu

fh gesundheit Innsbruck
Innrain 98, 6020 Innsbruck
Homepage: www.fhg-tirol.ac.at
Tel. 0043 512 5322
Email: info@fhg-tirol.ac.at

azw Innsbruck
Innrain 98, 6020 Innsbruck
Homepage: www.azw.ac.at
Tel. 0043 512 5322-0
Email: info@azw.ac.at

UMIT
Eduard-Wallnöfer-Zentrum 1, 6060 Hall i. T.
Homepage: www.umit.at
Tel. 0043 50-8648-3000
Email: lehre@umit.at

Universität Mozarteum
Innrain 15, 6020 Innsbruck
Tel. 0043 662 6198 3310
Email: robert.schiller@moz.ac.at

Stadtmagistrat Innsbruck
Maria-Theresien-Straße 18, 6020 Innsbruck
Homepage: www.innsbruck.at
Tel. 0043 512 5360-0
Email: kontakt@innsbruck.gv.at

Honorarkonsulat Innsbruck
Wilhelm-Greil-Straße 5, 6020 Innsbruck
Tel. 0043-512-504-81620
Email: innsbruck@consul-hon.lu

Botschaft von Luxemburg in Österreich
Sternwartestraße 81, 1180 Wien
Homepage: https://vienne.mae.lu/de.html
Tel. 0043 1 478 21 42
Email: vienne.amb@mae.etat.lu

MESR
18-20 Montée de la Pétrusse, 2327 Luxembourg
Homepage: www.mengstudien.public.lu
Tel. 00352 247-88650
Email: aidefi@mcesr.etat.lu

ACEL
2 Avenue de l'Université, 4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: www.acel.lu
Email: contact@acel.lu

Impressum

Editeur

Lëtzebuerger Studenten Innsbruck a.s.b.l.
2, Avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: lsinnsbruck.at
Email: siggi@lsinnsbruck.at

Redakteren

Editioun 2019	Caroline Lemmer, Frank Jagusch, Louis Bleser, Magali Terreri
Editioun 2020	Caroline Lemmer, Frank Jagusch, Lynn Faber, Magali Terreri
Editioun 2021	Frank Jagusch, Lynn Faber
Editioun 2022	Carlo Glod
Editioun 2023	Carlo Glod
Editioun 2024	Carlo Glod, Jeff Prumbaum, Philippe Schintgen
Editioun 2025	Yannick Vinti
Editioun 2026	Sam Frank

Layout an Design

Editioun 2019	Frank Jagusch
Editioun 2020	Frank Jagusch
Editioun 2021	Frank Jagusch, Lynn Faber
Editioun 2022	Carlo Glod
Editioun 2023	Carlo Glod
Editioun 2024	Carlo Glod
Editioun 2025	Yannick Vinti
Editioun 2026	Sam Frank

Fotoen

Mat frëndlecher Erlaabnis vun der Stad Innsbruck (https://www.innsbruckphoto.at/extern/)
(© TVB Innsbruck)
Mat frëndlecher Erlaabnis vun der Medezinischer Universitéit Innsbruck
Mat frëndlecher Erlaabnis vum Management Center Innsbruck

Editioun N°7

Original 2019



CFL

LE PREMIER EMPLOYEUR DU PAYS RECRUTE DANS LES DOMAINES SUIVANTS :

Qualité, Génie civil, Architecture, Informatique, Construction, Mécatronique, Mathématiques, Environnement, Électrotechnique, Électromécanique, Gestion de projets, Administrateur BDD, Télécommunication, Sécurité informatique, Développement durable, Administrateur réseaux

RETROUVEZ NOS POSTES OUVERTS
ET POSTULEZ SUR WWW.JOBSCFL.LU

#WEARECFL



klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Shaping our future together

Rejoignez Klima-Agence et devenez acteur de la transition énergétique

Le changement climatique est un défi majeur de notre époque, et chez Klima-Agence, nous croyons fermement que chacun peut jouer un rôle dans la construction d'un avenir plus durable.

NOTRE MISSION ?

Accompagner les citoyens, les entreprises et les institutions dans la transition énergétique en proposant des solutions concrètes et innovantes.

En tant qu'expert national en matière d'efficacité énergétique, d'énergies renouvelables et de mobilité électrique, nous travaillons sur des projets d'impact qui contribuent directement à réduire l'empreinte carbone du Luxembourg.



POURQUOI NOUS REJOINDRE ?

UN ENGAGEMENT FORT POUR L'ENVIRONNEMENT
Vous ferez partie d'une organisation qui agit concrètement pour la transition énergétique et un avenir plus durable.

UN ENVIRONNEMENT DE TRAVAIL DYNAMIQUE ET STIMULANT
Nous encourageons l'innovation et la créativité, et nous donnons à nos collaborateurs les moyens de développer leurs compétences.

DES OPPORTUNITÉS DE FORMATION ET D'ÉVOLUTION
Nous investissons dans le développement professionnel de nos employés pour leur permettre de grandir avec nous.

UN ESPRIT D'ÉQUIPE ET DE COLLABORATION
Chez Klima-Agence, nous pensons que c'est ensemble que nous pouvons réussir.

Si vous partagez notre vision et souhaitez donner du sens à votre carrière en contribuant activement à la transition énergétique, rejoignez-nous !
Contactez-nous et découvrez nos opportunités de carrière sur klima.agence.lu/monfuturjob

LSC 360

lsc360.lu

JOIN OUR TEAM



Nos valeurs

Une approche holistique 360° fondée sur le bien-être, l'ingénierie et la durabilité.

Nos métiers

Acoustique . Aménagement paysager . Aménagement urbain . BIM . Direction des travaux
Économie circulaire . Énergie . Environnement . Études forestières
Études des structures . Hydrologie . Ingénierie au feu . Project Management
QSE . SAFE . SIG . Solution par drone . Topographie & Laserscanning
Trafic & Mobilité . Travaux publics . VRD . 3D

design.shape.inspire

Creos gëtt däin Hotspot!

Villfalteg



Improvisatioun

Kommunikatioun

Horaire mobile

Gëff en Deel vu Creos

Modern Entreprise

creos

creos.net/jobs



Mit dem staatlich garantierten Studiendarlehen startest du durch und genießt dein Studentenabenteuer in vollen Zügen.

Eine echte Starthilfe für dein Studentenleben.
Das Darlehen ist 100 % digital, flexibel und
passt sich deinem Rhythmus an.

*Vorbehaltlich der Annahme des Antrags durch die Bank. Bedingungen gelten.

150 €
Prämie bei Kreditabschluss*

Raiffeisen



Kessel On Tour

Kessel Cholet
Kiermessen '26
Schueberfouer '26

LOOKING FOR A **FLEXIBLE**
PART-TIME JOB DURING YOUR STUDIES?

JOIN OUR TEAM



APPLY
STAFF@KESSELLU

Be part of a welcoming crew
in a lively atmosphere!

www.kessel.lu

INNOVATIV PROJETS BEI DREES & SOMMER LËTZEBUERG

Als féierend international Berodungs- a Projektrealisations-Entreprise begleede mir privat an öffentlech Clienten bei alle Froen iwwert Immobilien, Infrastruktur an Industrie.

Mir sichen iwwert d'ganzt Joer Studenten an Absolventen aus de Beräicher Versuergungstechnik, Maschinnebau, Elektro- an Haustechnik, Architektur, Bauingenieur, Urbanismus, Wirtschaftsingenieur an nach mei...



Berodungen an der Bauphas/leedung a Gestioun vum Contrats an Kader vun Projet „Jeiser Duerkaf fir Sockton"





BIM-Prozessmanagement an ICT-Planung fir de neie Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM)

Projektmanagement am Kader vun PAP fir de neie Quartier Bergfeld zu Wiltz

Projektmanagement, BIM a Lauermanagement fir de Centre Hospitalier de Luxembourg (CHL)

Kontaktéiert eis fir mei Infoen oder fir eis aner CV an schéckt Dress & Sommer Luxembourg, Att. Michael Agustin: michael.agustin@dreso.com, Michaela Hill: michaela.hill@dreso.com
www.dreso.lu

DREES & SOMMER

CRADLE TO CRADLE®
BIM, PROJEKTMANAGEMENT,
TECHNESCH KONZEPTIOUN,
ENTWECKLUNGSMANAGEMENT,
INFRASTRUKTURBERODUNG


TEXTIL
DROCK
ëtzebuerg


LD INVESTMENT COMPANY s.à r.l.


Schroeder
& Associés


ASPORT
> sports + performance <


LSC
360°


klima
agence


creos


CFL


Kessel


SPUERKEESS


EK
kasel.lu
EMBALLAGES EN BOIS


DREES &
SOMMER


Raiffeisen


LËTZEBUERGER STUDENTEN
INNSBRUCK